# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°386
FEBRUAR-ABRËLL'24

**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **70 /230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**

## BV/LX Halloween'23



**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**

Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis! Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

MAMMUT
SCARPA
PETZL
THERM-A-REST
Lowe alpine
maloja
hanwag
Jack Wolfskin
deuter
THE NORTH FACE
LOWA simply more...
KEEN
patagonia
Teva
VAUDE
PRIMUS
HAGLÖFS
FJALL RAVEN
icebreaker
GARMIN
MEINDL Shoes For Actives
MSR
TATONKA

# Waat brauchs DU fir Geld ze spueren? *

Loscht op **gudd Scoutsmaterial** an op **eng exellent Beroodung**?
DU hues eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Dann ass hei Adress fir dëch:
**VIKING-ADVENTURES zu Tréier!**
Paulinstrasse 25   D-54292 Trier



## d'LIONS BLEUS
## kaafen beim
## VIKING-ADVENTURES !

* **DU** kriss op ALL Artikel **10% Ermässegung**,
wanns DU déng **gülteg Lions Bleus Memberskaart** fiirweisen kanns !!!




## www.viking-adventures.de

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!




Heimat wëll ech ........................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ..............................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# CHEFFEN 2023-2024

## Simply present LBB-STAFF for 2023-2024:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)
HEINEN Catherine (Fugu)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

---

**BEAVER (BV)**
FRISCH Danie (GriGri)
FLAMMANG Raphaël (Mankei)
ORELLANA Ruben (Reebou)
BOURQUEL Chris (Titan)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email: beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)
RODESCH Jasmine (Matka)
FLAMMANG Adrien (Loup)
WOHLGENANNT Amélie
MILLIM Alex

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SC)**
PIRON Aleksis (Pongo)
PIRON Nicolas
HEINEN Catherine (Fugu)
DUARTE Lea
PEPIN Cédric
MAJERUS Ketty

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
LAMAMRA Harry (Mammut)
MAJERUS Max (Lynx)
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
HEINEN Nora (Quagga)
ENGLEBERT Lara (Dama)RéserveCH

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu

## INVITATION
# ASSEMBLEE GENERALE ORDINAIRE

Léiwe Member, léiw Elteren,

De Comité vun de Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. huet d'Éier lech op eis alljährlech ordinär Generalversammlung ze invitéieren. D'Versammlung wäert stattfannen

Den 27. Januar 2024
um 17.30 Uhr

Home FNEL, Fetschenhaff
61a Rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

**Um Ordre du Jour sti folgend Punkten:**

1. Begréissung an Usprooch vum President
2. Rapport vun der leschter Generalversammlung vum Sekretär
3. Rapport vum Caissier iwwer d'Finanze vum Joër 2023
4. Rapport vun de Keessereviseuren iwwer d'Finanze vum Joër 2023
5. Presentatioun vum Budget fir d'Joër 2024
6. Ernennung vun de Keessereviseuren fir d'Joer 2024
7. Rapport vun den Scoutsaktivitéite vum Joër 2023
8. Erneierung vum Comité fir d'Joer 2024
9. Verschiddenes a Gemëschtes

Merci fir d'Participatioun iwwer Mail op comite@lionsbleus.lu bis de 24.01.2024 ze bestätegen.

## KACHVERSAMMLUNG FIR BV, LX, SG & EX

Fir no der laanger Versammlung eis e bëssen ze stärken, wärten d'**Beaver, Wëllef, Scouten an Explorer firun der Assemblée Générale eng** Klengegkeet fir eis kachen. a brachen.

**RDV:** 15h beim Home FNEL um Fetschenhaff
**Umeldung:** iwwer Mail op cg@lionsbleus.lu

# FNEL Scouts EXPLO – 03.02.2024

Héiers du well d'Surren vun eisem DeLorean? Spiers du d'Vibratioun vum Fluxkompensator? Dat kann nëmmen Eppes bedeiten! Den Explo steet virun der Dier an domat ass et héisch Zäit fir eis Zäitrees zeréck an d'Mëttelalter. Ët ass esou wäit a mir gesinn eis a voller Montur, Motivation an Tatendrang ob eisem all jährlechen Explo.



**Start:** den 03.02.2024 - Moies
(Weider Infos an der EMAIL, mee +/- 9-10Auer)

**Schluss:** 03.02.2023, 17:00 Place de la Gare, Gare Centrale

**Präiss**: **5 €** mat der Mention: EXPLO 2024 + Numm vum Scout op de Compte: „ Les Lions Bleus-Troupe " (BCEE - IBAN LU65 0019 4955 9100 5000) bis den 21.1.24

**Material:** Pique-Nique fir d'Mëttegiessen, Becher, Bidon, dem Wieder ugepasste Kleeder…

**Umeldung:** Umeldung **per Email** op **Troupe@lionsbleus.lu** mam

**NUMM** vum Scout **bis den 21.01.2024**

## Beaver, Beaver, Beaver

### Opgepasst!!

Den Herbert Igel an de Gaston Vogel brauchen eis Hëllef fir de Benny Bei rëm ze fannen, si maachen sech grouss Suergen. Mir mussen hinnen hëllefen de Gaart ze kultivéieren domadder de Benny Bei de Wee zeréck fënnt bei senge Kollegen a si endlech nees zesumme sinn.



**Wéini ?**
Den 10. - 11. Februar 2024
**Rendez-vous:**
Um 10:00 bei den Rotonden
**Retour:**
Um 14:00 beim Home LBB

**Präiss:** **30€**
sinn ze iwwerweisen bis den 27. Januar 2024 op den Compte:
"Les Lions Bleus-Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)
mat der Mentioun: Fuesweekend'24 + Numm vum Participant.

**Souche:** D'Souche ass oofzeginn bis spéitstens den 20. Januar 2024

**Waat brauchs du ?**
Dem Wieder ugepasste Kleeder, Ersatzkleeder, Kleeder & Hännercher fir an engem Gaart ze schaffen, Bidon mat Waasser, ee klenge Rucksak, Täscheluucht, Gamelle (Besteck, Becher, Kichenduch), Schlofsak, Schlof- & Wäschsaachen, Foulard, Petzi fir ze schlofen, ...



Heimat erlaaben ech ____________________________________
mengem Beaver __________________________________ deelzehuelen
um Fuesweekend vum 10. - 11. Februar 2024 an iwwerweisen d'Suen & gin d'Souche pünktlech oof!

Ënnerschrëft: _________________________________

**Mir ginn Schlittschong fueren!**

Sou lues verstëbsen eis Schlittschong am Keller !
Dofir gëtt et héich Zäit, dass mir se mol erëm benotzen !
Mell dech séier un fir dass mir och mat DIR e puer Pirouetten dréien kennen.



**WEINI:** Den 24. Februar 2024 um 10:00 op dem Parking Kockelscheier

**RETOUR:** 15:00 baussen op dem Parking Kockelscheier

**PRÄISS:** **6€**

**WAAT BRAUCH ECH:**
Dem Wieder ugepassten Kleeder (Händschen,Schal, Mutz, deck Stremp,...), Bidon mat Waasser, Pic-Nic an dem Scout séng 7 Saachen!

**SOUCHE:**
Ass ofzeginn bis spéitstens den 04. Februar 2024 bei déngen Cheffen!



Heimat erlaben ech ..........................................................................
mengem Scout ........................................................................ den 24.
Februar 2024 un der Schlittschong-Sortie deel ze huelen.



Schonggréist vum Kand ……… Ënnerschrëft ......................................




# Wëllef!

Ech hunn eng wichteg Missioun fir e Kriminellen ze stoppen. Méngen Informatiounen no, befënnt sëch een wichtegen Hiweis no bäi Iech!
Ech kann der Spuer leider nët selwer nogoën, well all méng Schrëtt vun him bewaacht ginn. Dowéinst brauch ech elo är Hëllef!

## Agent 021



**Weini:** 24.-25.Februar 2024

**Rdv:** Samstes um 9:15 Auer op der Stäreplaatz
**Retour:** Sonndes um 16:00 Auer beim Home 'Les Loutres zu Miersch' (Haardter Wee, 7534 Miersch)

**Praiss:** **32 €** sinn ze iwwerweisen bis den 9.02.2024 op den Konto: (BCEE IBAN LU56 0019 4955 9099 1000) mat der Mention: Espionage Weekend + Numm vum Kand.

**Souche:** Oofzeginn bis den 9.02.2024!

Heimat erlaaben ech ______________________________ méngem Wëllefchen

____________________________________ vum 24. - 25. Februar 2024 um

Espionage-Weekend deelzehuelen!





Ënnerschrëft: _______________________________

# TECHUANA wanter'2024

**TECHUANA 2024**
"Der Berg ruft"

**Départ:**
**RV -->** Freides den 9.Februar 2024 um 18:30 Auer am Home vun den Lions Bleus.



fir déi Leit déi matginn...

D'**Mapp** ass **oofzeginn bis AG 27.01.2024** &
d'Valise bis Mëttwochs den 7.02.2024 ab 19:00 Auer!

D'Skimaterial & klengen Rucksaack kënn der
Alles Mëttwochs oder Freides matbrèngen.

"Mir freen eis schon op dëch an op den Schnéi!
d'LBB Schnéihuesen"



**P.S. Denkt un är Iwwerweisungen :)**
Déi genee Détailer fann der an der letzter Wandrous oder online --> entweder 460€, 700€
Sinn bis spéidstens den 01.02.2024 op den BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000 - Les Lions Bleus asbl - Rover ze viréieren...

# DIVERS SOUCHEN








**Moie Leif Beaver!**

**Du wolls schon ëmmer méi iwwert eis Natur wëssen? Waat fir eng Déiere bei eis am Land iwwerhaapt liewen?**
**Wéi villfälteg eis Natur am Land iwwerhaapt ass?**

**Daat a villes méi gëss de op eiser Visite vum Biodiversum zu Rëmerschen gewuer!**

**Also mell dech séier un!**



**Rendez-Vous:**
2.März 2024 um 12:00 beim Biodiversum zu Rëmerschen
(5 Breicherwee, 5441 Rëmerschen Schengen)

**Schluss:**
2. März 2024 um 16:00 beim Biodiversum zu Rëmerschen
(5 Breicherwee, 5441 Rëmerschen Schengen)

**Präiss:** Gratis

**Waat brauch ech:**
Klenge Rucksak mat gefälltem Bidon & Pick-Nick fir Mettes, dain Foulard, dem Wieder ugepasste Kleeder...



Heimat erlaaben ech ______________________________ méngem

Beaver ______________________________ deelzehuelen un der

Sortie den 2. März 2024 beim Biodiversum an gin d'Souche pünktlech oof!

Ënnerschrëft: ______________________________



# Eurovisioun Rover Quiz 2024

**LÉIF SCOUTEN A MUSEKBEGEESCHTERT,**
**MIR FREEËN EIS, IECH OP EISE SPEZIELLEN EUROVISION QUIZOWEND ANZELUEDEN! EISE ROVERQUIZ ASS ENG FANTASTESCH GELEEËNHEET FIR ÄERT WËSSE VUN DËSEM IKONESCHE MUSEKSEVENEMENT ZE TESTEN AN ZE WEISEN, WEI GUTT DIR D'GESCHICHT AN D'HIGHLIGHTE VUM EUROVISON SONG CONTEST KENNT!**
**NATIERLECH KOMME KLASSESCH ROVERQUIZ FROEN A SPILLER NET ZU MANN A MIR WÄERTEN EN OFWIESSLUNGSRÄICHE QUIZ OWEND HOFFENTLECH OCH MAT DENGER EQUIPE VERBRÉNGE KENNEN!**

## Weini?

16/03/2024 ab 18h00

## WoU?

am legendäre Casino Syndical

## Umeldung?

bis speidstens den 01.02.2024 iwwert den Google forms
(Teamgreisst vun min. 5 bis max. 8 Rover/Tembo)

Plaatzen sinn limitéiert op 120 Leit

LIONS BLEUS 19 14 BE PREPARED

# Sortie Sensibadge




Fir eis Final-Aktivitéit vum Sensibadge maache mir domadder weider nei Kulturen kennen ze léieren. Dës kéier tauche mir an déi asiatesch Kultur an. Méi genau an d'Länner Indien an Nepal.



Déi 2 Länner hun eng laang Geschicht, vill Traditiounen an eng eenzegaarteg Kultur. Zesumme mat iech wäerten mir hier Liewensweise kenneléieren. Vun hirer Religioun, Sprooch, Geographien och lessen ass alles mat dobäi.

Mëllt iech séier un. wann dir dobäi si wëllt!



**Start?** Samschdes, den 23. Mäerz 2024 um 10h am Home LBB
**Schluss?** Samschdes, den 23. Mäerz 2024 um 16h am Home LBB

**Souche?** Ass oofzeginn bis den 09. Mäerz 2024
**Präiss?** **15 €,** sinn bis den 20. Mäerz ze iwwerweisen op de Compte:
Lions Bleus - Meute (IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)
mat der Mentioun: Sensibadge + Numm vum Kand

**Waat brauch ech?**
Dem Wieder ugepasste Kleeder, ee Bidon, déng 5 Saachen & Schiertech...



Heimat erlaaben ech ______________________________ méngem Wëllefchen ___________________________ deelzehuelen op der Sensibadge-Sortie den 23.März 2024 an iwwerweisen d'Suen & ginn d'Souche pünktlech oof!

Ënnerschréft: ____________________________



Hallo Kanner, mir sinn ët, den Yoyo an den Doc Croc. Et ass esou dass mir lauter stark an muteg Wellefcher brauchen déi eis bei eisem Abenteuer hëllefen. Problem deen mir lo awer hun, ass dass mer eis wonnerbart fleihend SimsalaGrim Buch verluer hun an lo mussen mir zeréck an den Märecher reesen fir dass ma eis geléiftend Buch nees rëm fannen. Sidd dir Stark an Muteg genuch ons bei dëser Rees ze hëllefen? Dann mellt ierch lo séier op den SimsalaGrim-Camp un!



**Treffpunkt:** 30.März'24 um 10h ob der Gare Centrale Lëtzebuerg
**Retour:** 01.Aprëll'24 um 17h ob der Gare zu Bettembourg

**Praiss:** **60 Euro**
ze iwwerweisen bis den 15.März'24,
op de Compte: Lions Bleus - Meute (IBAN LU56 0019 4955 9099 1000)
mat der Mentioun: Sensibadge + Numm vum Kand

**Waat brauch ech:**
Rucksaack, Schloofsaack, dem Wieder ungepassten Kleeder, Pyjama, Bidon, Biergschung, Foulard, eng Mutz, Wäschsaachen (Zännbicht, Zahnpasta,...), Täschelucht, Gamelle, dem Wëllefchen séng 5 Saachen...

**Souche:** ass bis den 15.März'24 oofzeginn !

Heimat mellen ech ______________________ main Kand
______________________ um SimsalaGrimm-Camp vum 30.03-01.04.2024 un & iwwerweisen d'Suen & ginn d'Souche pünktlech oof!

Ënnerschrëft: ______________________



**Léif Scouten,**



**Waldmännschen, dës kleng Kreaturen di de Bësch bewunnen, brauchen dréngend är Hëllef !!!**
**Wou si normalerweis sëch an de Crevassen an an den Beem verstoppen, hunn si lo sëch un Iech gewannt. Hire Wunnraum ass a Gefoor an wéinst hirer klenger Statur ginn si nët Eescht geholl. Sief DU dobäi, wou mir dësem Rätsel nogoën wärten!**

**Mell dëch also séier un a komm mat op des Aventure!**



**Rendez-vous:**
Freides, den 5.04.2024 um 10:00 op der Gare Centrale de Luxembourg
**Retour:**
Sonndes, den 7.04.2024 12:00 op der Gare Centrale de Luxembourg

**Präiss:** **65€**
sinn ze iwwerweisen bis den 22.03.2024 op de Compte:
'Les Lions Bleus-Troupe' **(BCEE - IBAN LU65 0019 4955 9100 5000)**
mat der Mentioun: Ouschter-camp24 + Numm vum Scout

**Souche:**
Ass oofzeginn oder du schécks e Mail op: troupe@lionsbleus.lu bis spéitstens den 22.03.2024


**Waat brauchs du ?**
Dem Wieder ugepasste Kleeder, Biergschong, Täschemesser, Bidon mat Waasser, Gamelle (Besteck, Becher, Kichenduch), Täscheluucht, Schloofsaack, Wäschsaachen, dem Scout séng siiwen Saachen,...

Heimat erlaaben ech ________________________________ méngem Scout

_____________________________________________ um Ouschter-Camp

den 5.04.2024 - 7.04.2024 deelzuhuelen.

Ennerschreft: ____________________________________________________












**Walk for Nepal_21.04.2024**

**Umeldung?** bis de 15. Abrëll
Dir kennt iech entweder eleng oder als Clan umellen a selwer entscheede wei wäit dir plangt ze trëppelen a wéini dir starte wëllt. Fréiste Start ass um 7:00 moies an um 19:00 soll jiddereen ukomm sinn. Natierlech kennt dir den Dag selwer awer nach är Distanz upassen.

**Präiss?** **10 Euro** op de Kapp.
Hei ass e Moies & e Mëttegiessen + 1 Gedrénks esou wéi Waasser & Uebst à gogo mat dran. De ganzen Dag iwwer kennt dir weidert Iessen a Gedrénks kafen. Den Erléis heivu gëtt och gespent.

**Distanzen?** Et gi 4 verschidde Weeër (5, 10, 15, 20 km) déi eenzel oder kombinéiert getrëppelt kenne gi. Start ass Schluss ass ëmmer beim Fräiheetsbam.

**Wéi gëtt gespent?** Ziel ass et Sponsoren ze sichen déi fir dech/deng Equipe Suen un d'ONGD spenden. Si kennen entscheeden op si eng gewëssen Somme pro getrëppelte Kilometer oder eng fix Somme spenden.

No der Umeldung kritt dir e PDF geschéckt wou dir des Sponsoren androe sollt an eis bis spéitstens de 17. Abrëll per Mail op rover@fnel.lu oder tembo@fnel.lu zréck schécke sollt. Nom Trëppeltour kritt dir vun eis eng Lëscht wie wéi vill Sue spent. Déi néideg Informatioune fir ze spende fënns du dann och op deem Ziedel.

**Programm beim Fräiheetsbam:**
De ganzen Dag iwwer wäerten zousätzlech Ateliere beim Fräiheetsbam ugebuede ginn déi ee ka maache wann een es genuch vum trëppelen huet. Ausserdeem gëtt de ganzen Dag gegrillt a Gedrénks aus der Buvette zerwéiert.


LIONS BLEUS
19 14
BE PREPARED
UPDATE!
ANNULÉ !!!
ZIERINGS,
NIEDERÖSTERREICH
WoidLa24
SUMMER
CAMP
AUGUSTE
05.-15. 2024
PRÄIS?
Tëscht 600 € a 7
äis kritt Dir nach gesoot!
UMËLLDUNG?
Bis den 03.
ebruar 20
ob summercamp.lbb@gmail.com
+ éichten Ac
mpte vun 200 € ob de Konto:
LU56 001
955
99 1000 matt der Mentioun Summercamp 2024 1. Accompte +
Numm
vum
nd
MEI INFORM
TIOUNE KOMME NO!

# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 03.02.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 10.+17.02.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 10.-11.02.2024 | | WEEKEND |
| 24.02.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 02.03.2024 | | SORTIE |
| 09.03.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 16.03.2024 | | keng Versammlung-FNEL RO/TB Q |
| 23.03.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 30.03.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 06.+13.04.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 20.04.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 27.04.2024 | | SORTIE |
| 04.05.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 09.05.2024 | | FNEL BV FunDay |
| 11.05.2024 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 18.-20.05.2024 | | PËNGSCHTCAMP |
| 25.05.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 03.02.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 10.+17.02.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 24.-25.02.2024 | 14:00 - 16:00 | WEEKEND |
| 02.03.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 09.03.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 16.03.2024 | | keng Versammlung-FNEL RO/TB Q |
| 23.03.2024 | | SORTIE |
| 30.03.-01.04.2024 | | CAMP |
| 06.+13.04.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 20.04.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 27.+28.04.2024 | | FNEL Sixplo |
| 04.05.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 11.05.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 18-20.05.2024 | | PËNGSCHTCAMP |
| 25.05.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 01.06.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 08.06.2024 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 03.-04.02.2024 | | FNEL EXPLO |
| 10.+17.02.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 24.02.2024 | | SORTIE |
| 02.03.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 09.03.2024 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 16.03.2024 | | keng Versammlung-FNEL RO/TB Q |
| 23.03.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 30.03.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 05.-07.04.2024 | | CAMP |
| 13.04.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 20.04.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 27.04.2024 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 04.05.2024 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 11.05.2024 | 14:00 - 16:00 | TruppenVersammlung |
| 18-20.05.2024 | | PËNGSCHTCAMP |
| 25.05.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 01.06.2024 | | keng Versammlung - Vakanz |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | |
|---|---|
| 03.02.2024 | EX Versammlung |
| 10.+17.02.2024 | keng Versammlung - Vakanz |
| 09.-18.02.2024 | TECHUANA |
| 24.02.2024 | EX Versammlung |
| 02.03.2024 | EX SORTIE |
| 09.03.2024 | EX Versammlung |
| 16.03.2024 | keng Versammlung-FNEL RO/TB Q |
| 23.03.2024 | EX Versammlung |
| 23.03.2024 | TB TreppelTour |
| 24.03.2024 | TB Dag |
| 30.03./06.+13.04.2024 | keng Versammlung - Vakanz |
| 20.04.2024 | EX SORTIE |
| 27.04.2024 | EX Versammlung |
| 28.04.2024 | FNEL RO Walk To Nepal |
| 04.05.2024 | FNEL EX Raid & SeefeKeschtenRenr |
| 11.05.2024 | EX Versammlung |
| 18.-20.05.2024 | PËNGSCHTCAMP |

# RAPPORT ExtraOrdinaire| EXPLORER (EX)










**Rapport Astro**

Astronaut ze ginn dat war oder ass en Dram vu Villen. Mat der leider eemolege Geleeënheet vum Asteroid Day 2022 si fir mech Dieren an déi Welt opgaangen. De Wonsch et dem Dumitru Prunariu no ze maachen ass ëmmer méi grouss ginn. Mee wéi? Glécklecherweis gouf et dëst Joer, hei zu Lëtzebuerg e Concours bei deen een e Parabelfluch, och Zero-G flight genannt, gewanne konnt. An sou kënnt et dass ech d'Schwerelosegkeet fir 6 min erliewe konnt. An dat war de Schrëtt an dës néi Welt. Mat bëssi Gléck fënnt dee selwechte Concours an zwee Joer nach eng Kéier statt. **Amélie**







# RAPPORT Sortie| BEAVER (BV)

**Schlittschongssortie 11.11.2023:**

D'Beaver hunn sech um 9:00 Auer Moies bei der Kockelscheier getraff, an si vun do aus zesummen bei d'Haus vun der Natur getrëppelt an hunn sech ukuckt, wou si zum Schluss vum Joer hier Geld hin spende wäerten. No engem kuerze Stop ob der Spillplaz ass et dunn endlech lass gaangen. No dem Jiddereen séng Schlittschong un haat an d'Beaver eng kleng Erklärung kruten, duerften sie lass fueren. Um 11:30 Auer hu ma eis dunn erëm prett gemaach vir ze goen. Jiddereen kruut zum Schluss nach ee Pick Up an eng Gauffre an dunn ass et ërem Heem gaangen.







# RAPPORT SchaffDag| ab EXPLORER (GR)

Den 25.November 2024 wor ët nees Zäit fir an eisem Home ze Raumen, Botzen, ze Flécken an nach vill méi ....Sou hun sëch Samstes eng sëlleg Léit getraff fir daat zesummen unzegoen!
Wéi allkéiers um Schaff-Weekend oder an dësem Fall Schaff-Dag, goufen déi Saache gemaach, déi am alldeegleche gebrauch vum Home ze kuerz kommen. Dorënner faalen zB: Siphone propper ze maachen, Spawecke fort maachen, d'Kichen Ventilatioun ze botzen, an an an ...
Natierlech gehéiert zum Schaff-Weekend och eist Home komplett a grëndlech ze botzen!
No dem fläissegen Dag hun mir eis als Schaffequippe dann och nach zesummen e gemittlechen Owend gemaach a sinn zesumme Keelen spille gaangen.

*Leider hu mir keng Photoen wéi mir schaffen, mee geschafft gouf awer ;) **LOUP**





# RAPPORT KrëschtMaart| GROUPE (GR)

D'Lions Bleus haaten Jiddereen dëst Joer nees op hire Krëschtmaart agelueden! An där Aluedung hun eng ganz Partie Léit gefollegt. Insgesamt waren mir zu bal 80 Léit. Trotz deenen äiskalen Temperaturen gouf ët eng immense gutt Stëmmung. Et gouf vill Giess, Gedronk an zesumme Gelaacht. Och de Kleeschen wor présent an huet sëch gutt amuséiert. Mir soen Jidderengem MERCI deen do wor, an eis Branchen beim Krëschtmaart ënnerstëtzt huet. Mir freeën eis op dat nächst Joër an hoffen do genau esou vill Léit begréissen ze kënnen! **LOUP**





# RAPPORT FNEL Kachduell| EXPLORER (EX)



Mir hun eis den 4.11.2023 getraff fir mat aaneren Explorer um Kachduell deel ze huelen. Do goufen mir mat aaneren Gruppen a Patrullen agedeelt, wou mir schlussendlech géint déi aaner Gruppen kachen missten.
Ziel war ët den Beschten a Schéinsten Plat ze zauberen fir ze gewannen. D'Aufgaab war: Entrée, Haaptplat an Dessert ënner Zäitdrock ze kreéieren. Als Entrée gouf ët eng Geméiszopp, als Haaptplat vegetarësch Bulletten aus Couscous an zu gudder Letzt en Uebstspiess mat Zocker ronderëm.
No vill Spaß a Spannung, huet de Jury all eis Kreatiounen gekuckt, gericht a gesch-maacht. D'Gewënnerteam haat d'Éier de Gruppenumm op den holzenen Läffel ze schreiwen. Zum Ofschloss hun mer all am Chaos gespullt an dono hun mer nach Zesummen giess a gepotert. **NORA**





# RAPPORT Sortie| TROUPE (SC)

Mir hun eis den 9.12.23 moies op engem reenerëschen Dag op der Grenz vu Lëtzebuerg-Staat getraff. Déi Scouten di nach Ufank Dezember fit waren, sinn top-motivéiert op den Treffpunkt komm a woren no engem kuerzen Briefing Richtung Fräiheetsbam op den Trajet lass gaangen. No engem kuerzen Ëmwee um Briddel si mir dann fir d'Mëttegsplaatz an de Bësch an d'Géigend vum Fräiheetsbaam gaangen. Do hu mir an engem klengen Ënnerdaach eis erholl, opgewiermt an déi verschidden Feierzünder examinéiert di mir dobäi haaten. Am konstanten liichten Reen an Wand hunn d'Scouten d'Lagerfeier préparéiert an eng Glouss geschaaf fir dann kënnen drop ze Kachen. Wou d'Gromperen op sëch waarden gelooss hunn, hunn mir mat Täschemesser a co den Recht vun den Ingredienten fir den Pakalu préparéiert.



Nom Iessen haaten mir et eis nach mat een zwee Kanen Thei vum Feier gutt goen gelooss. Owend no der Sortie wor Jiddereen mat enger neier Expérienz, a Freed fir eng waarm Dusch Heem gaangen.

# RAPPORT Sylvester| CHEFFEN (CH)

Wéi déi Joeren virdrun, hun mir als Cheffenekipp Sylvester zesummen am Home gefeiert. Dëst Joer wor eis Thema ‚FAARWEN'. Jiddereen kruut do am Viirfeld an per Zoufall eng Faarw zougewisen an der Sie sëch huet missten verkleeden. Et wor een immens flotten Owend wou mir gudd gefeiert hun an vill Zesummen gelaach hun :) **LOUP**









# RAPPORT Krëscht-WE| MEUTE (LX)





Den 6.Januar hunn eis Wëllefcher sech getraff fir sech op d'Sich nom Tomte ze maachen. Deen huet nämlech Hëllef gebraucht fir de Schnéi rëmzefanne. Dofir hunn d'Wëllefcher sech op den Trajet gemaach wou si schonn e puer Schnéiflacke fonnt hunn an no enger gudder Weilchen e waarme Schocki am Home zu Colmar-Bierg kruten. Gutt gewiermt a mat neier Motivatioun hu mir dann e spannende Wanterstratego gemaach, wou jiddereen seng eege Strategie hat an d'Cheffen zum Schluss bal zu engem Äisblock gi sinn. Duerno goufen nach lauter lëschteg Wichtele gebastelt an aus Salzdeeg hu mir Käerzestänner gemaach. Nom Owendiesse stoung eng Véillé um Programm wou d'Wëllef Verstoppches am Däischteren a vill Loup Garou gespillt hunn.

Moies wor jiddereen nach zimmlech midd mee de Frühsport dobaussen huet waakreg gemaach an se op den Dag virbereet. Beim Kaffi hunn si dem Tomte säi Bräi an och seng Spueren um Dësch fonnt. Natierlech hu mir alleguer den Grießbräi geschmaacht an dem Loup huet et esou gutt geschmaacht, dass hien d'Dëppe bis op de lëschte Rescht ausgeläffelt huet. Duerno hunn d'Wëllefcher bei engem grousse Mensch ärgere dich nicht nach e puer Schnéiflacke gesammelt an déi direkt am Home opgehaang fir d'ass den Tomte se siche komme kann. Nom Mëttegiessen hunn d'Wëllef nach ganz fläisseg gehollef d'Home ze botzen an um 2 Auer ass et dann och schonn erëm Heem gaangen. Den Tomte ass d'Schnéiflacken nach heemlech an der Nuecht siche komm an huet eis als Belounung souguer Schnéi bis op Lëtzebuerg geschéckt. **Rashka**









## An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

in the PACKAGE

**T-SHIRT & HOODIE**

fir nëmmen:
**45 EURO**



T-shirt **17€**



Knuet **5€**




Pullover **30€**



Foulard **10€**

and many more to . . .

Am **LBB-Shop** an eisem Home kriss du **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard** & an nach villes mèi.
Du kriss also Alles waat mat de Lions Bleus ze dinn huet, awer och **Kniet** fir un däin **Foulard**, **Scoutsbichelecher** ewéi och de **Vademecum**...

>> Aussserdem verkaafen mir och OccasionsHiemer <<
du kriss dëst schon fir 15 € ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... **27/01/2024** ... 02/03/2024 ... 11/05/2024 ...

# COTISATION 2024

E Kalenner-Scoutsjoër ass eriwwer an daat nächst Kalenner-Scoutsjoër fängt un. Wéi all Joër ass d'Cotisatioun fir all d'Memberen vun den Lions Bleus fälleg. Dëst Joër sinn **30,00 Euros** op den **Compte CCPL LU82 1111 0498 5493 0000 vun den Lions Bleus** ze iwwerweisen > Fir dës 30,00 Euros kriss du:

- d'Recht un den Aktivitéiten vun den Lions Bleus deelzehuelen
- d'WANDROUS heemgeschéckt an daat 5 Mol während dem Scoutsjoër
- eng Assurance déi aspréngt wanns de en Akzident bei den Scouten huës

Fir ze verhënneren dat mer mussen vill deier Plaaz an der WANDROUS mat Rappel'en versauen,den Dierwiechter bei déi verschidden Leit schécken déi nët oder ze spéit iwwerweisen, oder sossopwenneg juristësch Schrëtter ënnerhuelen :), ass all Member gebieden séng Cotisatioun ze iwwerweisen soubal wéi d'Memberskaart ukomm ass.

Well mir jo Scouten sinn, vertrauen mir Dir an schécken Dir als Zeechen vun guddem Wëllen d'Memberskaart fir d'Joër 20 24zou, ier dat bezuelt ass.

Dofir ass ët elo un Dir fir ze iwwerweisen, oder dofir ze suergen dat déng Memberskaart esou séier wéi méiglech bezuelt gët.
Den Finanzminister ass Dir op all Éiwegkeet dankbar.



De Finanzminister
(alias Eyra farceur)



# FNEL - KALENNER

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 03.-04.02.2024 | SG Explo |
| 03.-04.02.2024 | BB (1/2) |
| 08.02.2024 | Réunion semestrielle |
| 10.-18.02.2024 | FUESVAKANZ |
| 19.02.2024 | MasterClass |
| 09.-10.03.2024 | BB (2/2) |
| 16.03.2024 | RO/TB QuizOwend |
| 23.03.2024 | TB TrëppelDaag |
| 24.03.2024 | TB Daag |
| 27.03.2024 | CoGro |
| 30.03.-02.04.2024 | EX Brevet |
| 30.03.-02.04.2024 | 1.Klass |
| 30.03.-14.04.2024 | OUSCHTERVAKANZ |
| 27.-28.04.2024 | LX Sixplo |
| 28.04.2024 | RO Walk to Nepal |
| 04.05.2024 | LX After Sixplo |

# ET SCHÉNGT ...

01) dat eis d'Tasha sëch fir puer Méint engagéiert huet fir en ONGD Projet am Nepal v.d.FNEL ze schaffen
02) wéi wann eis Exploretten Anna&Mia sëch na ëmmer schwéier dinn fir de LBB Fändel op ze hänken
03) dat de Letzten Summercamp 'SuWa' na ëmmer positiv an den Hannerkäpp vun de Participants hängt
04) dat eise gr.Frigo virun enger Zait daat Zaitlecht geseent haat an virun der Diir steet fir Oofgeholl ze ginn
05) wéi wann eisen tradit. Wantermaart all Joërs méi Uklang bei eisen Kanner & Frenn vun den LBB fënnt
06) dat d'Explorer an letzter Zait enorm motivéiert woren an do enorm ugerappt hun punkto EX-Zëmmer
07) wéi wann d'Cheffenekipp wéi all Joer den Enn vum Joer zesummen auskléngen gelooss hun am Home
08) dat d'LX schon um Hinwee eng kleng Aventure erliewt hun mat den öffentleche Transportmëttelen
09) wéi wann de Loup um LX Krëschtcamp eng ganz nei Leidenschaft entdeckt haat, fir Grießbrei ze kachen
10) wéi wann d'Cheffenekipp leider den Summercamp ‚Woidla' huet missen oofsoen aus diversen Grënn

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) wéi wann hat do sëcher vill bailéieren wärt an dono mat ganz flotten Erfahrungen zerèck wärt kommen
02) dat ët zeguer mat Hëllef vun aaneren nët geklappt hätt, de Mammut schlussendlech missen ageraifen
03) wéi wann de Succès sou grouss wor, dat zeguer eng Nofro do wor fir extra Pulloveren no ze bestellen
04) dat daat zu Dommheeten reizt an de Mammut gemengt huet ët wiir eng gudd Idee dran ze schloofen
05) dat dës Joër na méi Léit do woren an schon no kuerz.Zait keen Glühwain méi dowor, mee just na Schoki
06) wéi wann Sie dëst dofir praktesch entkärt hun fir an Zukunft do een neien Innen-Design ëmzesetzen
07) dat bei der Planung den Dessert vergiess gouf, Lea ganz spontan gezaubert an et gudd gemengt haat
08) dat Diiren vum Zuch blockéiert haaten an sie dono erausklommen an op de n.Zuch gewaart hu fir zrèck
09) dat hien sou dem Tomte (Haaptcharakter v.d.Geschicht v.Camp) eng eeschthaft Konkurrenz gebueden huet
10) dat dëst wiirklech schued ass, mee un enger eventueller Alternative gesicht get an dir informéiert gidd :)

# LBB MEMES










# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Konsbruck-Droulans, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Zimer, Fam. Reuter-Schantzen, . . .

# AGENDA | Februar-Abrëll'24

| februar'24 | | | märz'24 | | | abrëll'24 | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Do | 1 | | Fr | 1 | | Me | 1 | **LX Camp** |
| Fr | 2 | | **Sa** | 2 | LX/PV<br>**BV & EX Sortie** | Dë | 2 | |
| **Sa** | 3 | BV/LX/EX<br>FNEL SG Explo | **So** | 3 | | Më | 3 | |
| **So** | 4 | FNEL SG Explo | Me | 4 | | Do | 4 | |
| Me | 5 | | Dë | 5 | | Fr | 5 | **SG Camp** |
| Dë | 6 | | Më | 6 | | **Sa** | 6 | **SG Camp** |
| Më | 7 | | Do | 7 | | **So** | 7 | **SG Camp** |
| Do | 8 | FNEL Réunion semestrielle | Fr | 8 | | Me | 8 | |
| Fr | 9 | **Départ TECHUANA** | **Sa** | 9 | BV/LX/TV/EX<br>**LBB Shop** | Dë | 9 | |
| **Sa** | 10 | **TECHUANA**<br>**BV Weekend** | **So** | 10 | | Më | 10 | |
| **So** | 11 | **TECHUANA**<br>**BV Weekend** | Me | 11 | | Do | 11 | |
| Me | 12 | **TECHUANA** | Dë | 12 | | Fr | 12 | **LBB CH-Weekend** |
| Dë | 13 | **TECHUANA** | Më | 13 | | **Sa** | 13 | **LBB CH-Weekend** |
| Më | 14 | **TECHUANA** | Do | 14 | | **So** | 14 | **LBB CH-Weekend** |
| Do | 15 | **TECHUANA** | Fr | 15 | | Me | 15 | |
| Fr | 16 | **TECHUANA** | **Sa** | 16 | **FNEL RO/TB Quiz org.LBB** | Dë | 16 | |
| **Sa** | 17 | **TECHUANA** | **So** | 17 | | Më | 17 | |
| **So** | 18 | **Retour TECHUANA** | Me | 18 | | Do | 18 | COMITÉ |
| Me | 19 | | Dë | 19 | | Fr | 19 | |
| Dë | 20 | | Më | 20 | | **Sa** | 20 | BV/LX/PV<br>**EX Sortie** |
| Më | 21 | | Do | 21 | COMITÉ | **So** | 21 | |
| Do | 22 | COMITÉ | Fr | 22 | | Me | 22 | |
| Fr | 23 | | **Sa** | 23 | BV/PV/EX<br>**LX Sortie**/ FNEL TB TreppelTour | Dë | 23 | |
| **Sa** | 24 | BV/EX<br>**LX Weekend / SG Sortie** | **So** | 24 | FNEL TB Dag | Më | 24 | |
| **So** | 25 | **LX Weekend** | Me | 25 | | Do | 25 | |
| Me | 26 | | Dë | 26 | | Fr | 26 | |
| Dë | 27 | | Më | 27 | | **Sa** | 27 | TV/EX<br>**BV Sortie**/ FNEL LX Sixplo |
| Më | 28 | | Do | 28 | | **So** | 28 | FNEL LX Sixplo<br>FNEL RO Wlk to Nepal |
| Do | 29 | | Fr | 29 | | Me | 29 | |
| | | | Sa | 30 | **LX Camp** | Dë | 30 | |
| | | | So | 31 | **LX Camp**<br>Vakanz 30.03.-14.04.2024 | | | |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

... Mir üben da schon mol... Ganz nom Motto: Wann d'Uelzecht nët bei eis kënnt, da fuere mir bei Sie .... Schlemmstens switchen mir de Frigo géint Kanu an fueren an Schweden...

LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057



* THATS ALL FOLKS ...